N°1369
Entrée le 19.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1369 vun den honorabelen Deputéierte Barbara Agostino a Mandy Minella**

**Ad 1), 2) a 5)**

Enseignement fondamental

Säitens de Regionaldirektioune goufen Efforte gemaach, de Sujet vun engem méiglechen Amoklaf mat de Gemengen – déi laut Gesetz fir d'Infrastrukture vun de Schoulgebaier zoustänneg sinn – ze thematiséieren. D'Ëmsetzung vu verschiddene Mesuren, wéi beispillsweis den Alarmknäppchen, en automatescht Zougoe vun den Dieren, gradewéi d'Kontroll vum Zougang zu de Schoule goufen hei an d'A gefaasst.

Donieft gouf vum Kriseninterventiounsteam (KIT) ee Classeur ausgeschafft, an deem sech ee Kapitel mat engem méiglechen Amoklaf befaasst, an den Enseignanten ënnert anerem erkläert, wéi si sech an esou engem Fall ze verhalen hunn.

Enseignement secondaire

Fir de Beräich vum Enseignement secondaire ginn et an alle Lycéeë Sécherheets- a Schutzprozeduren. Dës gesi vir, datt d'Personal an d'Schüler sech sollen a gëeegente Raim aspären, sech un d'Instruktioune vum Schoulpersonal halen an ofwaarden, bis d'Police op der Plaz ass.

Am Fall, wou d'Raimlechkeeten ongëeegent sinn, solle Personal a Schüler d'Schoul verloossen.

Maisons relais

Fir d'Betreiungs- a Bildungsservicer (Maisons relais) läit d'Verantwortung fir d'Sécherheet a fir déi entspriechend Prozedure beim Gestionnaire.

**Ad 3) a 4)**

Enseignement fondamental an Enseignement secondaire

Grad am Beräich vun der Informatioun a vun der Formatioun huet de Sujet vum Amok an de leschte Joren eng ëmmer méi grouss Plaz ageholl.

Esou bitt d'Police reegelméisseg Formatiounen an deem Beräich un, déi vun de Lycéeë kënnen an Usproch geholl ginn. Eleng fir d'Joer 2024 hu bis elo Formatiounen an aacht Schoule stattfonnt, dräi stinn der nach op.

D'Police ass och ëmmer erëm am Collège des Directeurs vum Enseignement secondaire present, dëst fir d'lescht de 24. Januar 2024. Vertrieder vum Service national de prévention de la Police a vum Service psychologique de la Police hu bei där Geleeënheet d'Formatioun virgestallt, déi d'Police dem Schoulpersonal ubitt.

Och den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) huet an de leschte Jore Formatioune souwuel zum Thema Amok ugebueden (zum Beispill „Amokalarm – zweckmäßiges Verhalten in der Klasse") wéi och zum Thema Santé mentale, déi en Deelberäich vun der Preventioun an der Sécherheet duerstellt (zum Beispill „Premiers secours en santé mentale").

Dës Formatioune sinn och fir d'Enseignanten aus dem Enseignement fondamental zougänglech. Si sinn allerdéngs net obligatoresch.

Maisons relais

Och fir d'Personal vun de Betreiungs- a Bildungsservicer ginn et keng obligatoresch Formatiounen am Beräich vum Amok.

Lëtzebuerg, den 19. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH